ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mier Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

De Jakobsstaf (Jakobs-Kreuzkraut) ass eng heemesch Planzenzort déi a ganz Lëtzebuerg virkënnt an déi sech an der lescht verstäerkt ausbreet. Dës Planz kann zu Vergëftunge féieren. Esou datt d'Baueren sech doweinst aktuell Suergen ëm hiert Véi maachen, dat well d'Gefor besteet datt wann dës Planz am Hee mat verfiddert gëtt, zu Vergëftunge beim Véi féiere kann.

Dofir hu mier folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass sech d'Regierung der aktueller Problematik vum „Jakobs-Kreuzkraut" bewosst?
2. Op Säite vun de Baueren heescht et datt, nieft hirer Responsabilitéit, och de Staat an d'Gemenge mat hëllefe misste fir eng ze staark Verbreedung vun deer Planz ze verhënneren. Wéi reagéiert d'Regierung op dës Fuerderung?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup

Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten